



Léif Kanner, léif Elteren aus der Gemeng Useldeng

D'asbl „Kierch am Duerf Gemeng Useldeng“ organiséiert iwwert d'Joer puer Aktivitéite fir Kanner aus der Grondschoul wéi z.B. Kannermassen, Adventsnomöttig, oder Aneres...

Doduerch dass kee Reliounsunterricht méi an de Schoulen ass, ass et méi schwéier d'Informatiounen zirkuléieren ze loossen. Dofir wollte mir ee Fichier uleen mat den Adressen, respektiv Mailadresse, fir dass mir op engem méiglechst einfache Wee kënnen d'Informatiounen weiderginn, respektiv lech iwwer kuerzfristig Ännerunge kënnen Bescheed soen.

Wann dir eis Äer Adresse hannerleet bedeit dat just, dass dir d'Informatiounen geschéckt kritt, dat ass soss keen Engagement. Dir decidéiert do fir all Saach eenzel ob äert Kand do matmécht oder nit, et ass näischt wat openeen opbaut, et sinn alles eenzel Rendez-vous'en. Heiansdo ass et fir eis Organisatioun hëllefërlech ze wëssen op puer Kanner oder vill Kanner wëlle matmaachen, da froe mir lech eng kuerzfristig Aschreiwung. Dës Aktivitéite riichte sich un all d'Kanner aus der Gemeng, et muss een nit an der Catechese gemellt sinn.

Säit September ware / si folgend Aktivitéiten:

- 7.10. Kannermass zu Rippweiler
- 18.11. Kannermass zu Schandel
- 16.12. Kannermass zu Rippweiler
- 19.12. Adventsnomöttig zu Uselding

De Programm fir 2018 gët nach festgeluecht.

Wann dir interesséiert sidd da mailt eis zreck oder féllt ënnen de Coupon aus.

Léif Gréiss

Lea Barthelemy  
Tel: 621 461 433  
10 an der Gewaan  
L-8620 Schandel

Marianne Harpes  
[marianne.harpes@education.lu](mailto:marianne.harpes@education.lu)

✂-----  
Numm vum Kand (vun de Kanner) an Alter \_\_\_\_\_

Adresse: \_\_\_\_\_  
\_\_\_\_\_

Handynummer: \_\_\_\_\_

Email: \_\_\_\_\_